**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

| Info-Box | |
|---|---|
| Bestell-Nummer: | 13019LU |
| Sprooch: | Lëtzebuergesch |
| Kaméidistéck: | 2 Akte |
| Bünebiller: | 1 salle d'attente |
| Spilldauer: | +/- 90 Min. |
| Rollen: | 8 |
| Frauen: | 4 |
| Männer: | 4 |
| Rollensatz: | 9 Hefte |
| Preis Rollensatz | 142,00€ |
| Aufführungsgebühr pro Aufführung: 10% der Einnahmen mindestens jedoch 85,00€ | |

**13019LU**

# Äddi Äerd! Maer raumen.

(Kaméidistéck an in 2 Akten)

vum

**Jos Weimerskirch**

Leseprobe: Verlagsverband

Inhalt

E Grupp vu Leit soll op de Mars well d'Äerd net méi fir ze liewen ass.

D'Stéck spillt an der Géigewaart.

Bünebild:

Eng Salle d'Attente op engem Rakéitestëtzpunkt.

Persounen:

| Persounen | Beschreiwung | Asätz |
|---|---|---|
| Diane | Delegéiert vum Verdeedegungsministère | |
| Henri | Kommandant vun der Rakéit | |
| Michelle | ITM Inspekter bei der Inspection générale des mines | |
| Greta | Attaché vum Ëmweltministère | |
| Paul | Direkter vun enger Stolindustrie | |
| Arsène | Deputéierten | |
| Sylvain | Journaliste | |
| Monika | fréier Sängerin a Model, elo Journalistin | |

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

## Akt 1

### Szeen 1

*(D'Diane an de Henri kommen eran.)*

**Diane** *(an engem secken Toun)* Sëtzt Aech!

**Henri** Ech sëtze mech wann ech wël.l *(d'Diane kuckt hien voller Froen an hien äntwert)* Bis een de Contraire seet, sinn ech de Kommandant vun dëser Rakéit. Ech sinn et net gewinnt, dass Zivilisten an esou eng Toun mat maer schwätzen.

**Diane** Ech vertrieden de Verdeedegungsminister a Krisesituatiounen an ech soen Aech "Sëtzt Aech".

**Henri** Ech sëtze mech wann Daer maer erkläert fir wat den Verdeedegungsminister verhënnert ass.

**Diane** Meng Äusserungen wäerten penibel sinn an ech hunn net vill Zäit. Et mécht maer d'Saach méi einfach wann Daer Aech sëtzt.

**Henri** Wann Daer komm sidd fir maer ze soen, dass et geschwënn onméiglech gëtt fir op der Äerd ze liewen, da sot Daer maer näischt Neies.

**Diane** An ären Dossier steet Daer géift gären ironesch äntweren an Aer Äntwerten wieren oft stëpplerech, ech bieden Aech e Moment domadder opzehalen.

**Henri** Dat hätt Daer gär.

**Diane** Mä Wonsch ass just eng Forme vu Politesse, mee Daer kënnt et och als Befeel opfaassen.

*(Hien bleift stoen.)*

**Henri** Et ass net derwäert, dass ech mech sëtzen. Daer sot, Daer wäert net laang hei, well Daer keng Zäit hutt. Ech lauschteren. Macht schnell. Ech si presséiert fir op de Mars.

**Diane** Wësst Daer wéivill Leit an des Rakéit passen?

**Henri** 9.

**Diane** 9 wéineger 3.

**Henri** Wann ech doduerjer en Diplom an der Mathematik kréien dann ass d'Äntwert 6.

**Diane** Richteg. Maer kënnen also 6 Leit an d'Rakéit setzen.

**Henri** Daer vergësst de Kommandant.

**Diane** *(erliichtert endlech zu der Tatsaach kommen ze däerfen)* Schued, dass Daer net um Transportministère geschafft hutt. Aer Remarque hätt e puer Leit d'Liewe gerett.

**Henri** Ech traue mech net ze verstoen.

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Diane** Traut Aech. Ech spueren Zäit. Hei ass d'Lëscht vun de Passagéier. Daer gesidd, dass ee méi drop steet.

*(Hien liest d'Lëscht a sëtzt sech entsat.)*

**Henri** Wat maache maer?

**Diane** Dat ass einfach, Daer verbidd einfach engem mat Aech matzekommen. Ech si komm fir Aech bei dëser Aufgab psychologesch ze ënnerstëtzen.

**Henri** *(zweiwelt um Diane hire Fäegkeeten)* Eng psychologesch Ënnerstëtzung, Daer?

**Diane** Laut den Tester, hunn ech dee Profil.

**Henri** Ech soen Aech Merci, mee ech si selwer kapabel zu engem ze soen e soll eng aner Rakéit huelen.

**Diane** Nee.

**Henri** Dach.

**Diane** Iwwerleet. Bei deenen aneren Rakéite besteet dee selwechte Problem.

**Henri** Dann huele maer eng Rakéit aus der Reserve. Maer konnten déi just beim Training benotzen, mee d'Tester hu bewisen, dass déi och funktionéieren.

**Diane** Maer hunn déi net méi.

**Henri** Wat?

**Diane** Well d'Tester de leschte Mount e volle Succés waren, huet d'Regierung decidéiert, d'Ersatzrakéiten engem Land ze schenken, wat a voller Entwécklung ass a wat nach keng huet *(zu sech selwer)* Gudd, dass dës Informatioun net an d'Presse koum.

**Henri** Ma dann huele maer se nees zeréck.

*(D'Diane ass es midd, well et sech schonn esou e Gespréich erwaart hat.)*

**Diane** Wéi? Andeems maer hinnen de Krich erklären? Egal wéi, si sinn um Mound.

**Henri** Ma dann dinn maer se zeréck kommen.

**Diane** Ze spéit.

**Henri** Ma guer net. Ier maer hei net méi ootme kënnen, hu maer nach 2 Oder 3 Wochen. Dat geet gudd duer fir se vum Mound nees zeréck ze huelen.

**Diane** Se hunn se do auserneen geholl fir sech do eng Wunneng ze bauen.

**Henri** Eng Wunneng. Di wonnerbar Apparater mat deenen een bis op de Mars kann, si hunn Wunnengen doraus gemaach?

**Diane** Et feelen Platzen fir ze ootmen, do hannen.

**Henri** Dat ass eng Katastroph.

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Diane** Ech weess.

**Henri** Duerch e blöde Rechefeeler wäert ee Lëtzbuerger vu 7 stierwen, wéi absurd.

**Diane** Do sinn ech der selwechter Meenung. Just eis bleift keng Zäit méi fir ze meckeren, maer mussen decidéieren.

**Henri** Di Persoun déi ech eraussiche wäert ...

**Diane** Wäert sech och mat deenen aneren afferen an drop waarden, dass d'Ozoncouche déi eis schützt ophält eist schéint Land ze schützen. Wéi Daer et scho gesot hutt dat waarden wäert e bësse méi wéi 2 Wochen daueren. No eise Studien wäert den Doud schnell antreffen. Se wäerte net vill leiden. Mee di 14 Deeg waarden wäerte penibel ginn. Et weess keen wat do geschéie wäert, wann eng Mass vu Leit bewosst do viru sech hir vegetéiert a weess, dass se keng Chance fir ze iwwerliewen huet, Mord, Vergewaltegung, ... Do ginn d'Grondinstikter aktiv well et gi weder Zeien nach Geriichtsurteeler.

**Henri** Wat en Horror.

**Diane** Dofir brauch Daer psychologesche Bäistand vun eiser Verwaltung fir déi Persoun ze bestëmmen déi matkréie wäert, dass si dem Ënnergang geweit ass. *(eng Paus)* Ech gesinn Daer hutt kee Problem mat allem a bleift roueg sëtzen. *(eng Paus)* Ech weess Daer kënnt mech net ausstoen. Fir éierlech ze sinn ech halen och net vill vun eisem Militär, besonnesch wann ech un déi Milliarden denken déi verpolvert goufen fir an Fall vun engem Krich preparéiert ze sinn dee ni stattfonnt huet. Ëmmerhin sëtze maer am gläiche Boot an ech sinn hei fir Aech bei Aerem Choix ze hëllefen.

**Henri** A wann déi Persoun di maer eraussichen refuséiert fir hei ze bleiwen?

**Diane** Maer mussen e puer Virkéierungen treffen. *(Hien versteet net wat si mengt, hat erkläert)* Déi Persoun déi maer bestëmmen däerf net wëssen wat si erwaart. Als Kommandant vun der Rakéit si Daer deen eenzege Chef um Schëff an Daer braucht Aech bei kengem ze rechtfäerdegen. De Passagéier deen Daer eraussicht muss d'Rakéit verloossen. Wann hien bleift huet jidderee vun deenen aneren d'Recht gewuer ze ginn ëm wien et sech handelt. - Berouegt Aech - Dat heiten ass meng siwent Rakéit a bis elo hate maer nach ni esou e Fall.

**Henri** Wéi hu Daer et dann ëmmer gemaach?

**Diane** Maer hunn ëmmer gesot jidderee misst an de Contrôle médical, eng Iddie déi vun eisem Ministère komm ass.

**Henri** Déi um Ministere si lauter Cretinsen. Et ginn Passagéier, déi en Häerzschlag wärend der Rees gemaach hunn, a sinn esou um Mars ukomm.

**Diane** Genau dat war eist Argument fir se ze iwwerzeegen. Maer hunn se iwwerzeegt, dass verschidde Rakéiten medezinesch equipéiert sinn an et deemno kee Sënn géif maachen mat enger matfléien déi dat net huet.

**Henri** Dat ass schrecklech.

**Diane** *(gëtt nervös)* Wann Daer e manner blöd Mëttel wësst da sot et maer. *(fiert berouegt weider)* Dës Methode huet dat ganzt verharmloost. Wann Daer Aere Choix getraff hutt, da sot maer Bescheed, dann deelen ech et dem Affer mat.

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Henri** Muss ech Aech elo Merci soen?

**Diane** Sot dem Ministère Merci. Dee mengt wann d'Leit am Virfeld informéiert sinn wier dat manner penibel fir deen dee flitt an da wier d'Rees fir déi di mat fléien manner ustrengend. (e*ng Paus, wiesselt d'Thema)* An der virrechter Rakéit huet de Kommandant déi Persoun geaffert déi als lescht ukomm ass. Ech hunn déi als "inapte" fir d'Rees deklaréiert a refuséiert hir e roude Permis ze ginn.

**Henri** E roude Permis?

*(Si weist him een.)*

**Diane** *(esou, dass ee si gudd héiert)* Just de Passagéier deen esou eng Kaart huet, huet d'Erlabnis an enger net medezinesch ausgerüster Rakéit däerfen matzefléien.

**Henri** *(seet sech, dass dat villäicht keng gudd Iddie ass)* Meng Daer dat mat deem leschten dee kënnt, wier eng gudd Iddie?

**Diane** *(zouversiichtlech)* Et ass ee vun deene beschte Krittären. Natierlech, et géif Sënn maachen, eng Reegel opzestellen déi Sënn géif maachen: den Alter, den Diplom an der Schoul, de Beruff ... Leider kann een esou e Critère net kontrolléieren. Wann Daer dann wärend der Rees feststelle géift, dass Daer belunn gouft, géif der Aech wärend Joren Virwërf maachen.

**Henri** Deen als leschte këennt, ze bestëmmen ass och net richteg.

**Diane** Jo, just d'Bestëmmung ass deen eenzegen Responsabelen vun däser Ongerechtegkeet. Daer hutt do drop keen Afloss.

**Henri** Dat schlëmmst ass, dass Daer Recht hutt.

**Diane** Wëll Daer, dass ech mat de Memberen vun der Besatzung schwätzen?

**Henri** Fir wat?

**Diane** Wann de Passagéier deen Daer affere wëllt ee vun hire Bekannten ass, mécht dat di ganz Rees méi schwéier.

**Henri** A wat maache maer wann dat de Fall ass?

**Diane** Maer fannen eng Ursaach fir, dass dee Bekannten sech fläisst. Wann dat net duer geet fanne maer eng aner Méiglechkeet fir de Choix ze treffen.

**Henri** Wat fir eng?

**Diane** Den Alter.

**Henri** Maer afferen deen Eelsten?

**Diane** Oder dee jéngsten! Alles hänkt vum Alter vun deemjéinegen of.

**Henri** *(hëlt den Dossier)* Dat gesi maer dann.

*(Hien geet an d'Diane hëlt den Telefon.)*

Leseprobe: Verlagsverband
- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Diane** De Bericht vum Diane Zimmer. De Kommandant vun der Rakéit ass averstanen mat der Technik vun der Visite médical. Et schéint wéi wann hien di Saach roueg géif huelen. Kee Risiko, dass dat Geheimnis keent méi bleift.

**Szeen 2**

*(D'Michelle kënnt eran an d'Diane leet op.)*

**Michelle** *(iwwerdeem et eran kënnt)* Des Kéier sinn ech net dee leschten *(zum Diane)* Madame.

**Diane** Madame!

**Michelle** Michelle Meyer aus der Direktioun vun der Inspection du travail et des mines.

**Diane** Diane Zimmer aus dem Service sanitaire.

**Michelle** *(kennt de Prinzip)* Dee faméisen Contrôle médical.

**Diane** Ech hunn d'Missioun derfir ze suergen, dass alles gudd ofleeft.

**Michelle** Ech perséinlech hunn eng Dispens.

*(D'Diane kontrolléiert d'Lëscht.)*

**Diane** Daer musst mech entschëllegen, mee Daer sidd guer net op der Lëscht.

**Michelle** Exakt. Ech hunn hei e Formulare wou drop steet, dass ech dem Jasmine Jacobs säin Ersatz sinn, hat huet sech de Moien ëmbruecht. *(eng fatal Paus)* Et gesäit een, dass et Leit ginn deenen et schwéier fält dëse schéine Planéit ze verloossen.

**Diane** Kann ech dee gesinn? *(D'Michelle gëtt him d'Blat)*

**Michelle** Natierlech. Zemol well een vun Aere Kolleegen en ënnerschriwwen huet.

**Diane** Kann net sinn.

**Michelle** Kuckt selwer. En huet maer esouguer e roude Certificat ginn deen et maer erlaabt mat enger Rakéit ze fléien déi net medezinesch ausgerüst ass

*(D'Diane liest den Ziedel.)*

**Diane** En ass verréckt.

**Michelle** Daer sidd net begeeschtert.

**Diane** Fir wat huet hien dat gemaach?

**Michelle** Sou wéi hien gesot huet, ass de Contrôle médical e Virwand fir deejéinegen deen als leschte kënnt bei d'Reserverakéiten ze schécken.

**Diane** Wat sot Daer maer do?

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

Leseprobe: Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Michelle** Sot elo net Daer hätt net gewosst, dass pro Rakéit een zevill ass. Well ech als leschte koum, hunn ech misse goen. Wéi konnt een sech esou verrechnen? Gudd, dass maer Reserverakéiten hunn. Stellt Aech di aner Situatioun emol vir.

**Diane** Ganz gudd. Mee fir wat huet keen Aech bei d'Reserverakéite geschéckt?

**Michelle** Aere Kolleeg sot maer, di hei wier just fir V.I.P. an hei wier méi Luxus dran. Ech wollt dat am Ufank net, mee aere Kolleeg huet insistéiert.

**Diane** Wat e Quatsch. Wann dat net ee wier dee mat maer am Lycée war, géif ech kloen.

**Michelle** *(glécklech)* A sou? Du waars och am Michel Rodange.

**Diane** Jo.

**Michelle** Première 1986?

**Diane** Première 1984!

**Michelle** Da kënne maer eis ëmäermelen.

*(Se ëmäermele sech.)*

**Diane** Lo verstinn ech besser d'Reaktioun vum Kolleeg.

**Michelle** Ech wollt keng Faveur kréien. Ech kann och an eng Reserverakéit.

**Diane** Sou sinn déi aus dem Michel Rodange. Eise Kolleeg wollt Daer eng Freed maachen wéi en Dech an dës Rakéit geschéckt huet.

**Michelle** Da komm maer verletzen hien net.

**Diane** Kann ech dech als Ancien ëm en Déngscht bieden? *(d'Michelle wénkt "Jo" mam Kapp)* Schwätz kengem vun de Reserverakéiten. D'Regierung an eis Verwaltung hunn en immense Feeler gemaach. Di ganz Organisatioun um Mars gëtt komplizéiert. Komm maer verhënneren all Diskussiounen déi fir eis Institutioune schlecht wier.

**Michelle** Vertrau maer, ech wäert näischt soen.

**Diane** Nenn dech hei weiderhin Jasmine Jacobs.

**Michelle** Fir wat?

**Diane** Du profitéiers vu senger Bordingkaart. Des Rakéit ass och mat enger Persoun iwwerbesat. Wann de Kommandant dat gewuer gëtt, da schéckt en dech bei d'Reserverakéiten am Platz vun deemjéinegen deen als leschte komm ass. Ech huelen un du hues Loscht roueg ze sinn.

**Michelle** *(beonrouegt)* Ech kennen di Fra guer net. A wann een se kennt?

**Diane** Et ginn ëmmer Leit mat deem selwechte Numm.

**Michelle** Jo, mee da muss ech nees bei de Dokter?

**Diane** *(berouegt)* Ech këmmeren mech dorëms.

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

Leseprobe: Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Szeen 3**

**Henri** *(kënnt eran)* Moie Madame. *(stellt sech vir)* Kapitäne Henri Warms, Kommandant vum Schëff.

**Michelle** Et freet mech. Jasmine Jacobs vun der Inspection du travail et des mines.

**Henri** Ech begréissen Aech. *(zum Diane)* Kee Problem säitens dem Equipage. Maer befollegen Aer Rotschléi.

**Diane** Ech hunn der Madame vun der Noutwennegkeet vun der Visite médicale geschwat. Si ass esou fein all déi di nach kommen ze informéieren. Esou verléiere maer keng Zäit.

**Henri** De Ministère huet Recht. Daer hutt de Profil fir esou eng Missioun.

**Szeen 4**

**Greta** *(kënnt eran)* D'Rakéit 33733. Berouegt mech! Dat ass jo hei?

**Henri** Ganz genau, Kapitän Warms, aere Kommandant.

**Greta** Enchantéiert. Greta Berg.

**Henri** Gudd. Maer installéieren d'Maschinnen fir d'Visite médicale. Komm Daer Joffer?

*(D'Diane an hien ginn.)*

**Szeen 5**

**Greta** Eng Visite médicale?

**Michelle** Verschidde Rakéiten hunn eng Poliklinick. Et geet dorëms déi Leit déi ufälleg sinn dohinner ze transferéieren. Si riskéieren wärend der Rees schlapp ze maachen.

**Greta** Maer kënne villäicht dëse Planéit net retten, mee d'Evakuatioun ass déi Leeschtung.

**Michelle** D'Mënschheet entwéckelt sech.

**Greta** *(weist en Tablette)* Dat ass alles wat herno nach vun eisem Planéit iwwereg bleift.

**Michelle** Dat ass net vill.

**Greta** Des Nuecht hunn ech gedreemt ech wier net fäeg dësen Disk ze liesen.

**Michelle** Maer haten all schlecht geschlof.

**Greta** Eise bloe Planéit wäert maer feelen.

**Michelle** Meng Daer, dass maer enges Daags zeréck kënnen?

**Greta** D'Ozonschicht brauch Millioune vu Joer fir sech ze erkréien.

**Michelle** Mer loossen déi Freed eise Kands- Kands- Kands Enkelkanner.

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Greta** Villäicht verspieren déi keng Loscht hire Planéit ze verloossen.

**Michelle** Et ass verréckt wann een dat bedenkt.

**Greta** Wat?

**Michelle** An 2 Méint verloossen 6 Milliarde Leit dëse Planéit. Et bleift keen méi hei.

**Greta** Schued.

**Michelle** Wat wëll Daer domadder soen?

**Greta** Wann et maer nogoe géif, hätte maer missen déi di Verknaschten hei loossen.

**Michelle** Da wier och méi Platz um Mars.

**Greta** Ech schwätzen vun de Cheffen. Déi Industriebonzen hu refuséiert Decisiounen ze huelen andeems se eis fir Vollidiote gehalen hunn. Wa maer et fäerdeg bruecht hunn e Mëttel ze fannen, hu si Drock op d'Politiker am Parlament gemaach déi d'Ëmsetzung onméiglech gemaach hunn. Wa maer eppes fäerdeg bruecht hunn, hu si hire Site verluecht an hunn d'Ozonschicht an den Entwécklungslänner zerstéiert.

**Michelle** Daer schéint Aech do auszekennen.

**Greta** Ech sinn Attachée am Ëmweltministère.

**Michelle** Et freet mech. Ech schaffen an der Inspection du travail et des mines an deelen Aer Meenung.

**Greta** Am Numm vum Geld a vum Gewënn hu se eis dohinner gefouert wou maer haut sinn. Um Mars musse maer drun denken d'Subventiounen an de Pensiounsfong ze verbidden.

**Michelle** Maer mussen um Mars villes verbidden. Ouni ondiskret ze sinn, wat hu Daer op den Disk gesat?

**Greta** Eng ganz Encyclopedie, all meng Rapporten, e puer Prüfungen déi d'Kanner gemaach hunn an op déi ech esou stolz sinn an nach e puer Familljesouveniren.

*(Kaméidi oder gréng Luucht.)*

**Michelle** Ech mengen se waarden mam Contrôle op eis.

**Greta** Ech hat ëmmer Angscht virun des Kontrollen. Wa se méi séier gemaach sinn, wat ech et léiwer hunn. Hu Daer eppes dergéint wann ech virun Aech ginn?

**Michelle** Ech bieden Aech.

**Greta** Ech soen Aech Merci.

## Szeen 6

*(De Paul an den Arsène kommen eran.)*

**Paul** *(kënnt eran)* Zwou Fraen an zwee Männer, wat wëll ee méi?

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

Leseprobe.Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Greta** *(zum Paul)* Entschëllegt Äert Gläichgewiicht. *(D'Greta geet.)*

**Arsène** *(zum Paul)* Ech mengen Daer hutt se gekränkt.

**Michelle** Macht Aech keng Suergen. Si ass an d'Visite médicale.

**Arsène** Visite médicale?

**Michelle** *(erkläert)* D'Regierung huet Rakéite virgesinn wou och Dokteren an Infirmière sinn. D'Ënnersichung ass do fir déi erauszefilteren déi an de Genoss vun deene Rakéite solle kommen.

**Arsène** Hätt een dat net éischter kéinte maachen?

**Paul** Mäi léiwen Deputéierten, wann Daer ufänke géift ze verstoen wéi lues di eenzel Administratiounen dréinen.

**Michelle** Wéineg Verwaltungen hei op der Äerd hu sech esouvill Gedanken ëm d'Gesondheet vun de Passagéier gemaach.

**Arsène** *(zum Paul)* Dës Kéier, mengen ech, hu Daer wierklech eng Fra getréppelt.

**Paul** An dem Fall entschëllegen ech mech. Dat war net meng Absicht. Ech stelle mech vir: Ech sinn de Paul Zoller, Direkter vun enger Stolfirma hei zu Lëtzebuerg.

**Michelle** Michelle Meyer vun der Inspection du travail et des mines.

**Paul** Et freet mech. Daer hutt sécher festgestallt, dass meng Bemierkung net op Aer Verwaltung gemënzt war.

**Michelle** Ech fille mech solidaresch mam Transportministère deen et fäerdeg bruecht huet, dass all Matbewunner eng Platz fir op de Mars krut huet. Am Ufank ware just Platzen fir di Räich virgesinn.

**Arsène** Dat war esou. Mee d'Regierung déi ech vertrieden hat uerg Bedenken ëm d'Sécherheet vu senger Bevëlkerung.

**Paul** *(glécklech en Deputéierten e bësse piquen ze kënnen)* Maer sinn do net dat eenzegt Land déi dat maachen.

**Michelle** Egal, bei der UNO duerchzesetzen, dass all Awunner hinnen hir Konditiounen erfëllt war net esou einfach.

**Paul** Daer musst awer zouginn, dass do d'Privatentreprisen och vill derzou bäigedroen hunn.

**Arsène** Genau esou wéi d'Bevëlkerung déi acceptéiert huet 5 % vun hiren Depoten vun der Bank ze huelen, fir dëst ze leeschten, an dat esouwuel di Räich wéi och di Aarm.

**Michelle** Di Aarm hunn am mëschte Verdéngscht.

**Paul** Fann Daer? Verschiddener hu just 500 € ginn.

**Arsène** Dat war de Minimum dee festgeluegt gouf.

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

Leseprobe: Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Michelle** Wann der de REVIS kritt, da brauch Daer deen fir ze liewen. Di Ausgaben déi Daer maacht feelen Aech herno um Mars, wou d'Liewen nach méi deier ass. Déi di 500 € ginn hunn, wäerten déi vermëssen wann se herno um Mars sinn.

**Paul** Do kann een net soen, dass déi di 500 € ginn hunn méi Verdéngscht wéi ech hunn. Ech hunn 400.000 € ginn. Muss ech do erënneren, dass 350.000 € maer duer ginn, fir éischt Klass ze fléien?

**Arsène** *(stëmmt zou)* Et ass an der Rei.

**Paul** Ech hunn der Allgemengheet 50.000 € gespent.

**Arsène** *(éierlech)* Felicitatioun.

**Michelle** Schued, dass Aer Kolleegen net esou spendabel waren.

**Paul** Daer kënnt maer do sécherlech kee Virworf maachen. Wësst der wéini ech decidéiert hunn esou heldenhaft ze sinn? Wéi ech eis Receptionnistin gesinn hunn. Daer hätt se misse gesinn, e richtegt gudd Häerz. *(denkt drun, dass hien ni esou wiert sinn)* Stellt Aech dat scheit Wiesen um Mound vir mat Milliarden vun Benodeelegter ënnert dem Joch vun enger techonkrateger Diktatur.

**Michelle** *(verdeedegt den Entschloss déi Diktatur ze schaffen)* Maer hate keng aner Léisung. Ouni e staarke Regime, géifen d'Leit sech géigesäiteg ëmbréngen.

**Paul** Jo, ginn et zou. Mee Daer hätt meng kleng Receptionnistin misse gesinn, Da wier Daer wéi ech: "Wat sinn schonn 50.000 €".

**Arsène** Ech ginn Aech Recht um Mound wäert et haart hiergoen.

**Michelle** Ech soen Aech richt eraus wat ech denken: Di aarm Länner hunn sech et selwer gesicht. Wa si d'Moossnamen fir d'Aschränken vum Knascht akzeptéiert hätten, hätte maer villäicht d'Ozonschicht gerett.

**Paul** Zum Präis, dass hir Wiertschaft stoe bliwwe wier.

**Michelle** Sinn se dann elo weiderkomm?

**Arsène** Op der anerer Säit verdanke maer eise Räichtum dem Knascht. Maer wiere schlecht placéiert fir hinnen et ze verbidden.

**Michelle** Maer hätten se missen ënner Drock setzen. Maer haten d'Mëttel.

**Arsène** Och maer hu vill Knascht gemaach.

**Michelle** Sécher. Mee wa maer Knascht gemaach hunn, hu maer d'Risike kannt.

**Arsène** Äert Argument kann een akzeptéieren. Déi Erfarung wäert eis um Mars ganz nëtzlech sinn. *(weist säin Disk)* Ech hunn all Rapport drop kompriméiert, Diskussiounen an Artikelen zanter 50 Joer iwwert d'Ekologie.

**Paul** Krit Daer d'Zäit alles ze liesen?

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Arsène** Nee! Mee ech zapen den Disk un fir maer weider Gedanken ze maachen. Do uewen wëll ech weiderfueren dem Vollek ze dengen. Ech spieren, dat wäert ganz sensibel ginn, wat Ëmweltproblemer betrëfft.

**Michelle** Gudd méiglech.

**Paul** Et ass witzeg. Op dësem Disk hunn ech all meng Fotoe gemaach. A wéi ech se gekuckt hunn ech gemengt ech wier e Softie. *(hien erkläert well di aner net verstinn)* Eng gudd Säit vun deem wann ee Manager ass, ass dass ee vill Stare begéint D'Spill besteet doranner sech mat hinnen ze knipsen. Se sinn all do! Fann där mech blöd?

**Michelle** Guer net. Ech hunn och vill Fotoe matgeholl. Meng bescheide Persoun, meng Kolleegen, an e puer Informatiounen. *(eng Paus)* Theoretesch huet de Ministère all Archiv matgeholl. E puer vun den Donnéeën déi ech traitéiert hunn, däerfen ob kee Fall verluer goen. D'Haaptstäerkt vun enger Verwaltung ass seng Memoire. *(Kaméidi, gréng Luucht)* Dir Haeren Daer erlaabt, ech mengen et ass u maer.

*(Si geet.)*

**Szeen 7**

**Paul** *(denkt un dee leschte Saz iwwert d'Memoire vun der Verwaltung)* Et ass wouer, si hunn d'Fäegkeet dee klengste Feeler ze fannen deen een virun 30 Joer gemaach huet. Awer wat eis Responsabilitéit an der Katastrophe betrëfft, do sinn ech maer net esou sécher ob maer grad esou onschëlleg sinn wéi d'Madame seet.

**Arsène** Erstaunleche Saz vun engem Direkter dee Stol mécht.

**Paul** Meng Aufgab als Diktator war et d'Interessen vun eise Aktionären ze verdeedegen falls Daer éieren mengt de Pensiounsfong géif sech ëm d'Ozonlach këmmeren. Eng Gesellschaft ass gudd gefouert wann deene Privaten hiren Interêt verdeedegt gëtt. De Staat verdeedegt den allgemengen Interessi. Wann de Staat seng Aufgab ignoréiert, da ka kee Chef d'Entreprise dofir.

**Arsène** Aer Meenung léisst sech verdeedegen. Fir éierlech ze sinn, den Zoustand vun der Ozonschicht war kee Geheimnis Virun 30 Joer gouf main excellente Kolleeg, den Gilbert Wilhelm vum ISERP fir eng Aarbecht priméiert well en demonstréiert hat, dass d'Lach an der Ozonschicht net méi zougemaach ka ginn. Vun do un wousst jiddereen wat e géif erwaarden. *(eng Paus, en zéckt)* Hien hat geroden wéini maer an esou enger Situatioun wieren an dës Katastrophe zimmlech genau virausgesot

**Paul** En hätt villäicht missen seng Etude dem grousse Public presentéieren.

**Arsène** Do sinn ech mat Aech averstanen. Maer hunn heiansdo d'Tendenz eis zevill zeréckzezéien. Daer laacht sécher, duerch seng Aarbecht war hien ee vun deenen éischten a senger Klasse an huet duerno eng Weiderbildung um Finanzministère gemaach.

**Paul** Den Ëmweltministère wier éischter fir hien gewiergt.

**Arsène** Ass et eise Feeler, dass grad deemools eng Platz um Finanzministère a keng um Environnement fräi war.

**Paul** Dann huet keen seng Aarbecht gelies?

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

Leseprobe.Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Arsène** Nee. Den Objektiv vun enger Thees ass et net gelies ze ginn, mee den Titulaire bekannt ze maachen. Dat ass d'Schicksal vu ville wëssenschaftleche Studien. Emol wann se bewisen hunn wat de Schreiwer wäert ass, kann een se ewech geheien, *(eng Paus)* d'Aarbechten net de Schüler.

**Paul** Als Conclusioun, wann säin Rapport iwwert d'Ozonschicht schlecht gewiergt wier, wier e villäicht um Environnement gelant.

**Arsène** *(fiert mat der Iwwerleeung weider)* Da wier e net Éischte ginn wann säin Rapport näischt gewiergt wier.

**Paul** Ech huelen un e brauch net mat senger Thees feel ze goen.

**Arsène** Héchstwarscheinlech.

**Paul** Gidd et zou. Dat ass e bësse blöd.

**Arsène** Wa maer ufänken all Dommheet ze bewäerten, déi eis op de Mars schéckt, gi maer net méi fäerdeg.

**Paul** Aere Studiekolleeg huet d'Spëtzt erreecht. Hien beweist, dass d'Ozonschicht d'Äerd zerstéiert a geet op de Finanzministère.

**Arsène** Wat weël Daer, dass ech maachen? Soll ech e verroden? Der ganzer Mënschheet soen, dass hien mat e bësse Mënscheverstand hätt kéinten d'ganz Welt retten? Wat notzt dat? Maer sinn zu Honnerten d'Retter vun der Mënschheet.

**Paul** Daer hutt Recht. Wa maer ufänken fir all Dommheet ze kloen, da gëtt et op emol um Mars nach schlëmmer wéi um Mound.

**Arsène** Op iergend eng Aart a Weis si maer all Responsabel.

**Paul** Dat stëmmt. Als Direkter vun enger Eisefabrik kann ech Aech do e Liddche sangen.

**Szeen 8**

**Greta** *(kënnt eran)* Ech hunn et gepackt ech hunn de Permis. Ech däerf an enger Rakéit matfléien ouni Poliklinick.

**Paul** All meng Gratulatiounen.

**Greta** U wiem ass et?

**Arsène** Ech bieden Aech, wäerte Frënd.

*(De Paul geet.)*

**Szeen 9**

**Arsène** Wat maachen se?

**Greta** Komesches! Fir d'éischt test de Kommandant Aech un Apparater, déi d'Gefill vum fléie solle vermëttelen, duerno mécht d'Fra eng Consultatioun an deem se Aech e lauter Froe stellt.

**Arsène** Wat fir eng Zorte vu Froen?

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -
Leseprobe: Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Greta** Näischt Präzises. A mengen se wëll just feststellen ob Daer déi Persoun sidd déi Daer behaapt ze sinn.

**Arsène** Do hunn ech keng Problemer. Als Deputéierten ass et maer quasi onméiglech fir en anere gehalen ze ginn.

**Greta** Lo wou Daer et sot, ech hunn Aech eng Kéier an der Chamber gekräizt.

**Arsène** *(als gudde Politiker)* Äert Gesicht seet maer direkt näischt.

**Greta** Greta Berg, Attachée am Ëmweltministère.

**Arsène** Maer sinn net an der selwechter Partei, mee maer gehéieren zu der selwechter Koalitioun.

**Greta** Et ass alt dat.

**Arsène** Keng aner Koalitioun wier esou efficace gewiergt.

**Greta** Der Meenung sinn ech och.

**Arsène** Vill V.I.P. hei an der Rakéit.

**Greta** Ass dat en Zoufall?

**Arsène** An der Politik gëtt et keen Zoufall. Maer hätten vun der Rees profitéiere kënnen fir d'Vollek mat deenen anere Leit mëschen.

**Greta** D'Vollek, ech verdeedegen et, ech schützen et, mee ech ginn mech net mat him of.

**Arsène** Daer misst dat emol maachen. Et kënnt fir, dass do interessant Leit sinn.

**Greta** Géif ech se da nach verdeedegen wann ech se bis emol kennen?

**Arsène** Dat ass net sécher.

**Greta** Fir wat soll een sech da forcéieren? Dat wat wichteg ass, ass dass jiddereen op de Mars kënnt.

**Arsène** Do wäert et eis waarm ginn.

**Greta** Ech weess.

**Arsène** Ouni d'Geschécklechkeet vun eisem Ausseministère deen et fäerdeg bruecht hunn, dass net wéi vun der USA verlaangt, de Billjee méi deier gëtt, hätte maer versot.

**Greta** Si sinn et déi a meeschte Knascht maachen a si wëllen esou mann Leit wéi méiglech mat op de Mars huelen. Dee Culot muss een hunn.

**Arsène** Se hunn et bei all Geleeënheet probéiert.

**Greta** Sech ze trauen ze behaapten, dass d'Agräifen vum Staat géint all Handelsaccord a géint de fräi Maartwiertschaft ass. Soll ech Aech emol meng Meenung soen. Maer hätten se sollen op de Mound schécken.

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

Leseprobe: Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Arsène** *(léif ironesch)* Als klengt Land hate maer villäicht net di néideg Mëttel.

**Greta** Dann hätte maer an hirer Platz déi Leit kënne schécken déi hei op der Äerd just am Aarmut liewen.

**Arsène** Seeft berouegt. Ech mengen déi aus den USA hunn hir Léiere gezunn. Se verstinn lues, mee se verhale gutt: d'Gewunnecht aus allem Kapital ze maachen. Daer wäert gesinn um Mars maachen se manner Knascht.

**Szeen 10**

**Sylvain** *(kënnt eran)* Monsieur le Député, ech wollt Aech net mat mengem Optrëtt ënnerbriechen - Wat fir eng schéin Iwwerraschung Aech hei ze gesinn.

**Arsène** Dat freet mech.

**Sylvain** Kann ech op der Rees zum Mars en Interview mat Aech maachen?

**Arsène** Ech hat nach ni d'Éier an aerem Programm ze sinn, dat wier maer e Pleséier.

**Sylvain** Maer huelen eppes no *(zum Greta)* Madame?

**Arsène** Daer kënnt och d'Madame interviewen, si ass Attachée um Ëmweltministère.

**Sylvain** Et ass maer eng Éier.

**Greta** Ganz op menger Säit.

**Szeen 11**

**Michelle** *(kënnt eran, zum Greta)* Léif Kolleegen. Daer musst mech wärend der Rees aushalen. Ech sinn apte *(zum Arsène)* Et ass un Aech.

*(Den Arsène geet.)*

**Sylvain** Da stëmmt di Geschicht mam Contrôle médicale a mat de Rakéiten déi eng Poliklinick hunn. Ech hu gemengt et wier e Gerücht.

**Michelle** Aer Quelle waren exakt *(ironesch)* Dat ass awer net ëmmer de Fall.

**Sylvain** Stëppele kascht näischt, léif Madame.

**Michelle** Hu Daer op ärem Disk Reportagen déi bezeien *(ironesch)* wéi objektiv Daer sidd?

**Sylvain** Ganz genau. Ech konnt all meng Emissiounen drop setzen. Et war bal net duergaang.

**Michelle** Wärend der Rees kucken ech gären nach eng Kéier de Reportage iwwert eis Verwaltung.

**Sylvain** Sidd méi präzis.

**Michelle** Aer Reportage iwwert d'ITM.

**Sylvain** *(erënnert sech)* Maer waren do net ganz douce.

Leseprobe Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Michelle** Wat war dat eng Freed wéi Daer Aer Behaaptungen direkt duerno verbessert hutt. Di Richtegstellung huet direkt e puer vun eise Leit nees opgebaut. Oder meng Daer et wier schéin 5 Leit ze empfänken déi definitiv skeptesch sinn, just well se di ganzen Zäit un eis Objektivitéit gegleeft hunn.

**Sylvain** Un der gëtt et keen Zweiwel. Leider ass et maer onméiglech Aech dat ze beweisen.

**Michelle** Wat wëll Daer domadder soen?

**Sylvain** Ech géif gären aere Kolleege weisen wéi klenglech a péngelech der mam Kontroll vun eisem Sender ëmgaange Sicht just fir sech ze rächen. Leider hunn ech keng Ënnerlagen op dësem Disk.

**Michelle** *(weist hiren Disk)* Ech hunn alles hei.

**Szeen 12**

*(Marion e flott schwaarzt kënnt eran)*

**Marion** D'Rakéit 33733, ass dat hei?

**Greta** Léiwen Sylvain, wéi et schéint si Daer net deen eenzegen aus der Medien-Branche hei an der Rakéit.

**Szeen 13**

**Paul** *(zeréck vun der Visite)* Tatsaach. Zwou Vedetten aus der Medien-Branche. Do gesäit een awer wat fir Leit hei an der Rakéit sinn. Just fir ze soen maer sinn och keng Onbekannten.

**Greta** Ech mengen de Bekanntheetsgrad huet do keng Roll gespillt. Ech mengen do war et éischter de Familljestand.

**Paul** Do hu Daer warscheinlech Recht. *(zum Sylvain)* Kolleeg et ass un Aech.

*(De Sylvain geet.)*

**Greta** Mat enger Sängerin vun ärem Kaliber ze reesen ass eng Garantie vun Ënnerhalung.

**Paul** Erënnert Daer Aech u meng Präsenz am Ufank vun ärer Carrière?

**Michelle** Huet d'Stolindustrie an d'Musek investéiert?

**Marion** Ier ech Sängerin gouf war ech Modell. Ech hat Reklamm fir dem Här seng Firma gemaach.

**Paul** E fantastesche Mannequin. Erënnert Daer Aech un eis gemeinsam Foto déi am Telécran war.

**Marion** Ech erënnere mech wéi wann et gëschter wier. Di éischte Kéier op der Titelsäit. Main Agent hat 100 Zeitunge kaf.

**Paul** Se ass op mengem Disk. Ech kann Aech se herno weisen wann Daer wëllt.

**Michelle** Ech wetten d'Joffer huet keng Foto wou Daer drop sidd.

Leseprobe: Verlagsverband
- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Marion** Ausser déi vu mengen Elteren, geet keng Foto vu Leit mat.

**Paul** Hu Daer et duerchgesat, dass déi och op de Mars kënnen?

**Marion** Se sinn dout.

**Paul** Dat deet mer Leed.

**Marion** Et ass villäicht besser esou, si haten hiert gereegelt Liewe a wollten néierens anescht.

**Michelle** Dësen Depart ass fir eis all schlëmm.

**Paul** Et ass sécher méi schlëmm fir déi Leit déi et net gewinnt sinn vill ze reesen. *(zum Marion)* Wat hu Daer op ärem Disk? Lidder?

**Marion** Nee, Landschaften.

**Greta** Landschaften?

**Marion** Ech hunn se an 2 Kategorien gedeelt, déi di ech gesinn hunn an déi di ech gäre gesinn hätt.

**Greta** Wat fir Landschaften?

**Marion** Séien, Bierger, Stroossen, Haiser, Flöss. Et notzt näischt Aech se all opzezielen. Daer sidd sécher wéi ech, a kënnt Aech et virstellen.

**Michelle** Jo, mee esou wäit hunn ech net geduecht.

**Greta** Ech schonn, mee well d'Fotoen all a menger Encyclopedie sinn ...

**Paul** Et ass normal, dass eist jonk Frëndin esou eng Iddie huet, eng Iddie vun enger zoukënfteger Mamm.

**Greta** Komm maer ginn elo net melankolesch. All d'Leit di op de Mars ginn konnten en Disk mathuelen. Maer sinn zu Milliounen. Et misst schonn den Däiwel am Detail sinn, wann do eppes vergiess gi wier.

**Szeen14**

*(Den Arsène kënnt erëm.)*

**Arsène** Et ass deck Loft tëschen dem Dokter an dem Kommandant, si mengt hien wier ze lues.

**Greta** Et muss een awer soen, dass e net mat sengen Apparaten träntelt.

**Arsène** Si huet guer kee gudde Charakter.

**Paul** Ech hoffen si flitt net mat eis mat.

**Arsène** Ech weess fir wat si esou schlecht gelaunt ass. Si muss nach an aner Rakéite goen.

**Paul** Ëm esou besser.

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Michelle** Ech fannen se charmant.

**Greta** Ech och.

**Arsène** Daer hutt se jo och nach ni generft gesinn.

**Marion** Ech erspueren hir Zäit. Ech hu schonn mäin Certificat.

*(Dës Noriicht beonrouegt d'Michelle.)*

**Michelle** Tatsaach, da ginn ech hir et soen.

(Si geet.)

**Szeen 15**

**Arsène** Joffer, wéi wier et wann Daer eis eppes sange géift

**Marion** Meng Daer?

**Paul** Eise Chef wëll dat.

**Greta** Wann Daer eis e Lidd iwwert de Mars sange kéint, dat wier elo dat richtegt.

**Arsène** Jo dat géif maer och gefalen.

**Paul** Wa maer d'Lidd kennen, kéinte maer esouguer matsangen.

*(Se sangen d'Lidd vum Mars.)*

*(Et fënnt een et op https://www.youtube.com/watch?v=ZfBpbRULkOA)*

**Szeen 16**

*(De Sylvain an d'Michelle kommen erëm.)*

**Paul** Se hunn elo grad d'Lidd verpasst.

**Arsène** Wärend der Rees kënne maer sécher nach e Concert ginn.

**Sylvain** Hei ass d'Stëmmung besser wéi do hannen.

**Paul** Tatsaach, hei ass gudd Laun an der Rakéit. Dat gëtt sécher eng flott Rees.

**Michelle** De Kommandant versteet anscheinend näischt.

**Greta** Ech fannen hien och esou zeréckhalend.

**Sylvain** Wann der eis dat der Rei no verziele géift.

**Szeen 17**

**Diane** *(kënnt eran an de Kommandant hannendrun)* Wann Daer net kapabel Sidd Aer Responsabilitéit ze huelen, dann hënnert mech net drun, dass ech et maachen.

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Paul** Maer verstinn iwwerhaapt net ëm wat et geet.

**Diane** Normal, Daer braucht do näischt ze verstoen. Dat gehéiert net zu aerem Aufgabenberäich *(zum Marion)* Joffer, kann ech aeren Certificat gesinn?

*(D'Marion weist hir en.)*

**Arsène** En ass identesch mat eisen.

**Henri** Si konnt kee fälschen.

**Diane** Kommandant, Daer hëlleft maer net. Wann Daer insistéiert da muss der kucken, dass der eens gitt.

*(Si gëtt den Certificat zeréck.)*

**Greta** Daer sidd esou onroueg.

**Diane** Daer hutt kee Grond fir nervös ze ginn. Ech erklären Aech de Problem. Et ass eng Persoun zevill an dëser Rakéit. Ee vun Aech muss d'Reserverakéit huelen.

**Greta** Eng vun deenen wou eng Poliklinick dran ass?

**Diane** Genau. Et ass néideg ze erklären, dass eng gesond Persoun ouni Risiko an esou eng Rakéit kann? Mee leider si maer presséiert.

**Paul** Äert Gespréich héiert sech nidderträchteg un, ech kenne mech doranner aus.

**Diane** Do ass guer näischt nidderträchteg. Ech froe just ee vun Aech fir sech ze mellen fir d'Reserverakéit ze huelen.

**Sylvain** Schwätz Daer vun enger Rakéit di medezinesch ausgerüst ass Oder vun enger Reserverakéit?

**Diane** Maer hunn d'Reserverakéiten medezinesch ausgerüst fir de Fall wou.

**Sylvain** Maer hunn déi dach un d'Entwécklungslänner weiderginn.

**Paul** Ech hunn dach gesot, do ass eng Louche drun

**Diane** Do ass näischt louche. Maer sinn presséiert. Ech froen no engem Fräiwëllegen.

**Henri** Nee, dat net.

**Diane** Kommandant, nach eng Bemierkung an Daer kuckt aleng, dass Daer eens gitt.

**Greta** Wisou wësse maer net, dass d'Reserverakéiten un d'Entwécklungslänner gaange sinn?

**Paul** Den Ëmweltministère ass dee leschten deen informéiert gëtt wann eppes geschitt.

**Arsène** Ech weess och näischt an dobäi sinn ech eng gudd Stäip vun der Majoritéit.

**Paul** A maer froen eis fir wat do alles esou schlecht leeft.

**Diane** Schluss mat allen Diskussiounen. Wien ass dee Fräiwëllegen?

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -

Leseprobe: Verlagsverband

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Marion** E Fräiwëllegen fir ze stierwen?

**Paul** A wat fir en Dout !

**Diane** Dat si Falschinformatiounen. Et gëtt keng Affer.

**Sylvain** Wéi géif Daer et maachen?

**Diane** Ech hu keng Zäit Aech dat ze erklären. Vertraut der Verwaltung déi all Méiglechkeet mat ageplangt huet. Ech sichen e Fräiwëllegen.

**Paul** Maer verlaangen d'Wourecht.

**Diane** Ech hu keng Zäit dofir.

**Henri** *(zum Diane)* Gesi Daer net, dass si d'Situatioun erkannt hunn. *(zu deenen aneren)* D'Wourecht ass, dass ee vun Aech stierwe muss. *(zum Diane)* An? Si der elo zefridden?

**Diane** Kommandant Daer waart gewarnt. Di ganzen Zäit hu Daer näischt gemaach fir maer ze hëllefen. Well Daer Aech selwer an de Kacka gesat hutt, kënn der elo selwer kucken wéi der do eraus kommt *(zu deenen aneren)* En huet Recht. Deejéinegen deen d'Rakéit verléisst huet keng Chance ze iwwerliewen. Lo loossen ech Aech. *(zum Henri)* Kommandant ech wëll ier ech ginn awer nach eng Saach präziséieren. Ech hu verzicht op de Mars ze goen.

*(Si geet)*

**Paul** Dat ass eng Zort vu Noriicht déi d'Stëmmung senkt.

**Sylvain** D'Tatsaach, dass si net op de Mars geet?

**Paul** Nee, d'Tatsaach, dass ee vun eis goe muss.

**RIDDO**

*Dëst ass en Extrait aus dem Theaterstéck*
*"Äddi Äerd! Maer raumen*

Wëll Dir dat ganzt Theaterstéck liesen?
Da bestellt dach einfach de ganzen Text als gratis Liesprouf op eiser Websäit.
Wann Iech dat Theaterstéck gefalen huet, da bestellt dach einfach

**Op eiser Websäit ënnert dem Theaterstéck**
**Gréng Bestellbox: Gratis Liesprouf, kompletten Text**
**Rout Bestellbox. Di ganz Rollen**
**Blo Bestellbox: Liesprouw per Post oder Zousaatzheft zu de Rollen**

di ganz Rollen am Internet op eise Websäiten.
www. mein.theaterverlag.de

**Bestëmmungen**
Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwen, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersnehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

**Vertrieb**
mein-theaterverlag
41849 Wassenberg, Packeniusstr. 15
Telefon: 02432 9879280
e-mail: info@verlagsverband.de

www.mein-theaterverlag.de –www.theaterstücke-online.de – www.theaterverlag-theaterstücke.de. – www.nrw-hobby.de

Leseprobe: Verlagsverband

- VERLAGSVERBAND: - www.mein-theaterverlag.de - www.theaterstücke-online.de - www.nrw-hobby.de - theaterverlag-theaterstücke.de -